

Aktioun FISen : Fort mat de Knaschtfongen !

Riedner: Michel Erpelding

Artikel 10bis vun eiser Verfassung hält fest, dass all Lëtzebuerger gläich virum Gesetz sin. Dëse Gläichheetsprinzip ass d'Basis vun eiser Demokratie an eise Rechtsstaat. Den 13. Februar 2007 huet d'Chamber e Gesetz ugeholl, dat de Gläichheetsprinzip an der Praxis opgin huet. E Gesetz, dat eist Land an déi Zäite zeréckbruecht huet, an denen eng Minoritéit vu Priviléigiéierten anere Gesetzer ënnerworf wore wéi de Rescht vun der Bevëlkerung. Deemools, virun der Franséischer Revolutioun, hun déi Priviléigiéiert dem Adel oder der Kiirch ugehéiert, hun en « de » virun hieer Numm gesat oder hu sech mat « Monseigneur » uschwätze gelooss. Haut, am Zäitalter vum Finanzkapitalismus, bezeechene si sech als Investoren, Promoteuren, oder Entrepreneuren. Si präsentéiere sech och gärer wéi Leit, déi aus der Mëtt vun der Gesellschaft kommen. Just, dass hinnen eben z. B. e ganze Stadquartier gehéiert. Just, dass si der Gesellschaft virschreiwen, ween an dësem Quartier wäerd liewe kënnen. A just, dass si ebe praktësch keng Steiere bezuelen.

Wat ass 2007 geschitt ? D'Finanzplaz huet alt emol nees no engem neie Gesetz verlaangt, d'Lëtzebuerger Regierung huet et an d'Parlament bruecht, an d'Chamber huet den Text ouni vill Diskussioun ugeholl. An zwar eestëmmeg. Pour rappel : déi Lénk woren deemols net am Parlament vertrueden.

Texter, déi d'Finanzplaz betreffen, sin oft extrem technesch, a gi nëmme vun enger klenger Minoritéit vun Experte wierklech verstan. D'Resultat dovunner ass

katastrophal. Zu Lëtzebuerg wësse net nëmmen déi mannste Leit, mee och déi mannste Politiker, wat iwwerhaapt an eisem gréisste Wirtschaftssektor geschitt. An dat, wat do geschitt, ass oft net grad ganz propper. D'Gesetz vum 13. Februar 2007 iwwert d'Fonds d'investissement spécialisés – kuerz FISen – ass e perfekt Beispill dofir. Perfekt ebe grad dowéinst, well dee Knascht, deen dese Finanzproduit veruursaacht, net ewéi meeschtens just am Ausland, mee och direkt bei eis am Land ufällt.

Wéi veruursaachen d'FISE Knascht ? Op dräierlee Aart a Weis.

Éischtens verknaschten d'FISEn eis Rechtsuerdnung, andeems si de Gläichheetsprinzip aushiewelen. Theoretisch si mir zu Lëtzebuerg all gläich virum Gesetz – also och virum Steieramt. Ob een de Mindestloun verdéngt oder e Managergehalt bezitt – et gëtt een drop besteiert. An zwar progressiv, fir dass d'Ongläichheeten an der Gesellschaft net zouhuelen. Dat wor et fir d'Theorie. D'Praxis ass haut awer eng ganz aner : wat der méi räich gëtt, wat der ëmmer manner Steiere muss bezuelen. D'FISE bréngen des pervers Logik op e neien Héichpunkt. Wann e pensionéierte Staatsbeamten engem jonke Salarié en Appartement verlount, dann declaréiert hien dee Loyer, a gëtt am Kader vu senger Akommessteuer dorober taxéiert – gäre mat engem Taux vun an déi 30 %, an theoretisch bis zu maximal 42 %. Wann awer elo e sougenanntenen « investisseur averti » dohinner geet an Immobilien am Wäert vu mindestens 125 000 EUR an e Fonds d'investissement spécialisé placéiert, da kann hie mat desen Immobilie spekuléieren a Loyeren domadder akasséieren esou vill wéi hie wëllt. Esou laang d'Actifs'en net 10 % vum Gesamtwäert vum Fong iwwerschreiden, an esou laang se am Fong bleiwen, bezillt hie just eng « taxe d'abonnement » vun 0,01 % vum Gesamtwäert vum Fong dorobber. De FIS kann dofir och net als normale Betrib

ugesi gin. Well e normale Betrib bezuelt, wann e säi Sätz an der Stad Lëtzebuerg huet, all Joer insgesamt ronn 26 % Steieren op sengem Benefice.

Fir konkret ze gin, hei e Beispill :

Iwwert den Olos Fund, deem säi Wäert 2014 mat 668 Milliounen Euro beziffert gouf, an zu deem de Ban de Gasperich gehéiert, kruten de Flavio Becca an den Eric Lux dat Joer bal 3 Milliounen Euro u Loyeren eran. U Steieren hu si dofir mol keng 30 000 Euro bezuelt. Wann Dir an ech 3 Milliounen Euro erakrut hätten, dann hätte mir dorobber wahrscheinlech 42 %, d. h. bal 530 000 Euro Steiere bezuelt. Net an zwee Joer, net an 10 Joer, net an 20 Joer. Nee, direkt bei eiser nächster Steiererklärung.

Mee d'FISe maachen och nach eng zweet Zort Knascht. Dee sougenanntenen « déchet fiscal », d. h. déi Zomm u Suen, déi dem Steieramt duerch d'FISe verluer geet. Wéi héich déi Zomm ass, weess emol den Här Gramegna selwer net, wéi hien et an enger rezenter Äntwert op eng parlamentaresch Fro zouginn huet. Mee wëll hien dat iwwerhaapt wëssen ? Wéi héich déi Zomme kinnte sin, kann een effektiv nëmmen eroden. Hei e Beispill. De FIS mam Numm Cluster, deem de Bridder Giorgetti gehéiert an iwwert eng hallef Milliard Euro wäert ass, huet iwwer 15 Milliounen Euro u Loyeren erabruucht. Wann déi op 42 % besteiert gi wieren, hätt dat dem Steieramt iwwert 6 Milliounen Euro bruecht. Domadder hätt ee kinnten 3 Foyers scolaires bauen. Stattdesse krut de Fisc eng schappeg 35 000 EUR. Dat géif engem « déchet fiscal » vu 5 965 000 Euro entsprechen. An dat, währenddeems sech de Wäert vun deem Fong bannent engem Joer verduebelt huet... Zu engem gudden Deel duerch Plus-Value'en – an domadder och steierfräi.

Jo, mee wat ass, wann d'Bridder Giorgetti oder hier Ierwen déi Revenuen iergendwann an der Zukunft aus dem Fong huelen ? Jo, da missten se theoretesch drop besteiert gin. Mee zu wat fir engem Taux ? Mat wat fir engen Abattementer ? A wéiwill Schoule, Crèchen an Tramslinnen – déi mir elo, haut, a net an 10 Joer brauchen – hätten an der Tëschenzäit mat hieere Steiergelder kinnte gebaut gin ?

Domadder kommen ech op den drëtten a leschte Grond ze schwätzen, firwat FISe Knaschtfonge sin. Déijéineg vun Iech, déi de Rapport vum Weltklimarot, dem GIEC, vum Oktober gelies hun, wëssen et s'cher : ee vun den Haaptmoyenen, dee mer hun, fir eng katastrophal Erwärmung vum Klima nach ze verhënneren, ass duerch laangfristeg Landesplanung an Urbanismus. Leit sollen do wunne kënnen, wou se schaffen. D'ëffentlech Hand soll massiv a méi ëmweltfrëndlech Infrastrukturen a Gebaier investéieren. All dat ass mat där Spekulation, déi duerch FISen encouragéiert gëtt, net ze packen. Kuckt emol de Ban de Gasperich. D'Carole huet Iech et virdru gewisen : hei ass just nom Profit geplangt gin, mat engem katastrophale Resultat. Mee kuckt och iwwert eis Grenzen eraus. Z. B. op Berlin, wou de lëtzebuergesche FIS Optimum Evolution Fund am gaang ass, ganz Gebaier, déi fréier voll bewunnt woren, zu eidele Spekulationsobjeten ze maachen. Eidel Gebaier, déi weider beheizt gin a Leit, déi ëmmer méi an d'Peripherie vun de Stied ofwandere müssen – ëmweltfrëndlech Landesplanung gesäit anescht aus. A méi allgemeng : wann de Staat et nees erlaabt, dass Privatleit sech nach wéi am 19. Jorhonnert riiseg Immobiliereserven zouleen a bal keng Steiere dorobber bezuelen, da verléiert hien och ëmmer méi all Méiglechkeet, selwer landesplaneresch an urbanisteschesch anzegräifen. Politesch Responsabler bekloen oft, dass et hinnen un Terrainen feelt. Kee Wonner, wa si Leit wéi den Eric Lux, de Flavio Becca an d'Gebridder Giorgetti gewäerde loossen.

Dass d'FISE Knaschtfonge sin, dat gin esouguer Leit aus zwee vun denen dräi aktuellen an zukünftege Regierungsparteien zou.

Zwee Illustratiounen:

- den 30. Oktober 2012 huet den heitege Minister an deemolegen Députéierte François Bausch dem Finanzminister eng parlamentaresch Ufro zu de FISE gestellt, wou e ganz kloer ze verstoe gouf, dass dës Fongen – ech zitieren – eng « steiergesetzlech Aberratioun » an eng « steierlech Ongerechtegkeet » wieren ;
- Den 20. Juni 2018 hun d'LSAP-Députéierte Franz Fayot an Yves Cruchten hierersäits d'Regiirung drop higewisen, dass d'FISE méiglecherweis verfassungswidreg kinnte sin, dass se d'Spekulatioun kinnten favorisieren, an dass se immens Verloschter u Steierannahme géife verursaachen.

An denen zwee Fäll hun d'Spekulante gewonnen. Hun déi Häre Becca, Lux a Giorgetti gewonnen. Well a béide Fäll hun d'Ministere Frieden a Gramegna déi lästeg Fro séier ofgewimmelt.

Fir déi Lénk steet fest : esou kënne mir net weiderfueren.

Fir déi Lénk ass kloer : d'FISE hu kee gesellschaftleche Notzen, d'FISen hu kee steierepolitesche Notzen ; d'FISen hu keen ëmweltpolitesche Notzen.

Fir déi Lénk ass kloer : d'FISE si Knaschtfongen, a gehéieren ofgeschaft.